N°8003
Entrée le 19.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.05.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/05/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

D'CNS huet hire Service de lutte contre les abus et la fraude (LAF) opgestockt. Offiziell sichen si net no eenzele Fäll, wou ongewollt e Feeler geschitt ass, mee systematesch no Persounen oder Entitéiten, déi de System abuséiere wéilten. Et gouf un eis eru gedroen, dass eng ganz Rei Leit elo vun der Gesondheetskeess e spezielle Bréif kritt hätten. An dem Bréif ass e Questionnaire, deen als allgemeng Ëmfro betitel gëtt. An dësem Questionnaire ginn ënner anerem gefrot, ob et sech bei engem Dokter ëm deen Dokter handelt, bei deen den Assuré géing goen oder och, ob hien op engem gewëssen Datum e Rendez-vous bei engem bestëmmten Dokter gehat hätt. Fir d'Assuréeën ass aus dem Questionnaire awer net direkt ersiichtlech, dass et sech dobäi ëm eng offiziell Enquête handelt, déi grouss Konsequenzen no sech zéie kann.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Misst de Patient bei esou enger Enquête net direkt doriwwer informéiert ginn, dass et sech dobäi ëm eng offiziell Enquête handelt an dowéinst och iwwert seng Rechter beléiert ginn?
    - Wa jo, firwat gëtt dat net nach gemaach?
    - Wa nee, firwat gëtt dëst net gemaach?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten